

## Projet : Animatioun - Funktionsweis vun der Aler Schmelz Stengefort

---

### Information fir d'Léierpersoun

#### Kuerzbeschreibung vun der Aktivitéit:

Aktivitéit fir de Cycle 4

Animatioun iwwert d'Funktionsweis vun der Aler Schmelz zu Stengefort mat Erklärungen zu den Ofleef an der Schmelz an den eenzelne Gebaier. Kuerze Video vun 4:30 Minutten fir d'Schaffen am Unterricht.

Fichieren zu dëser Aktivitéit:

- 1 - Information fir d'Léierpersoun
- 2 - Modell Al Schmelz (Fichier fir auszedrécken)

#### Dauer vun der Aktivitéit:

Jee no Verwënnung  
Längt vum Video: 5:34 Minutten.

#### Ziler:

D'Zil vun der Aktivitéit ass et d'Thema Industrialiséierung mat de SchülerInnen ze behandelen. Dëst mat engem Erklärungsvideo wéi d'Al Schmelz zu Stengefort fréier funktionéiert huet, wéi eng Funktioun déi eenzel Gebaier haten a wéi d'Ofleef an der Schmelz ausgesinn hunn.

#### Methoden:

Erklärungen unhand vun engem animéierte Video.

D'Aktivitéit fuerdert d'Verständnis vun de SchülerInnen ronderëm d'Thema Industrie zu Lëtzebuerg. D'SchülerInnen kënnen sech mat de Gebaier an dem gesamte Site vun der Schmelz auseer-nesetzen, d'Gebaier kenneléieren an d'Ofleef verstoen. Verstoen an Interpretéieren vun engem historeschen Thema. De Video kann als Verdéiwung vum Thema um Beispill vun engem lokale Site benotzt ginn.

#### Verankerung am Léierplang a Kompetenzen:

- Sciences humaines et naturelles: C4 - Le temps